Die Gemeinde Waldbriedemes, mit ihrem ländlichen Charakter, liegt im Kanton Rémich und ist umgeben von den Gemeinden Dohren, Conter und Bous. Sie tritt sich auf in der Ortschaften Waldbriedemes, Conter, Bous, Trënteng, Eringen und Bous und zählt ungefähr 1000 Einwohner.

Im Jahr 1936 wurde die Freiwillige Feuerwehr Waldbriedemes von 13 Einwohnern aus der Ortschaft Waldbriedemes und dem Ortsteil Conter gegründet. Damals zählten zum Dorf etwa 40 Häuser, eine Schule und eine Kirche.

Die Gründungsmitglieder der neu gegründeten Feuerwehr waren: Joseph Engel, Albert Eringen, Léon Frieden, Jean Koffer, Jean-Pierre Marx, François Marx, Eugène Marx, Marcel Schmit, Jean Koffer, Marcel Schmit, François Eringen, Pierre Weissenberg.

Der erste Vorstand setzte sich zusammen aus folgenden Mitgliedern: Antoine Rock (Vorsitzender), Jean Koffer (Stellvertreter), Albert Eringen (Kassierer), Joseph Engel (Mitglied), Marcel Schmit (Mitglied).

In der Gemeinderatsitzung vom 2. Juni 1936 wurden die ersten Statuten der neugegründeten Wehr von damaligen Gemeinderäten angenommen.

STATUTEN der Freiwilligen Feuerwehr Waldbriedemes vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.

Die ersten Statuten der Wehr vom 2. Juni 1936.



2015
09|01

Rentnerfeier

Am Kader vun eiser Rentnerfeier den 9. Januar 2015 hate mir Geleeënheet, verschidden eeler Matbierger ze éieren. Eis Jubilaren:

80 Joer

- Mme Carneim Elisabeth
- Här Kieffer Albert

85 Joer

- Här Ries Kurt
- Här Gulden Arie
- Mme Roth Marguerite
- Mme Reichling Lucie

Si goufen all mat engem Kado beduecht. Mir wënschen hinnen alleguer eng gutt Gesondheet an dass mir eis bei der enger oder anerer Manifestatioun erëm gesinn. Spéitstens awer a 5 Joer bei der nächster Éierung.

Dans le cadre de notre fête des pensionnés le 9 janvier 2015, nous avons l'occasion d'honorer différents membres de notre commune. Nous leur souhaitons une très bonne santé et espérons nous revoir pour l'une ou l'autre manifestation.

Letzte Jahreshauptversammlung der Feuerwehr der Gemeinde Waldbredimus

Zahlreiche Feuerwehrleute geehrt

Kürzlich fand im Vereinsbau „Jos Rennel“ in Waldbredimus die letzte Generalversammlung der Freiwilligen Feuerwehr der Gemeinde Waldbredimus statt. Korpschef Jos Muller eröffnete die Versammlung und begrüßte alle Mitglieder, sowie die zahlreich geladenen Gäste.

Nach einer Gedenkminute an alle verstorbenen Mitglieder und Freunde der Feuerwehr Waldbredimus blickte der Kommandant in seiner Ansprache auf ein bewegtes Jahr zurück. Höhepunkt des vergangenen Jahres war die Fusion der Feuerwehr Waldbredimus mit der Feuerwehr der Gemeinde Contern, welche seit dem 1. Januar 2015 unter dem Namen SIS-CCW (Service d'Incendie et de Sauvetage Communes de Contern et Waldbredimus) geführt wird.

Vorgetragen von David Weber und Jos Muller, war aus dem Tätigkeitsbericht zu entnehmen, dass die Wehr zu 19 technischen Einsätzen und 1 Brandeinsatz ausrücken musste. Dazu kamen 22 First Responder Einsätze, ein Projekt welches erst seit 6 Monaten durchgeführt wird. Zudem fanden während dem Jahr 3 Gemeinschaftsübungen und 17 monatliche Übungen mit den Kollegen der Gemeinde Contern statt.

Der ausführliche Finanzbericht wurde von Kassenwart Luc Cordewener vorgetragen. Seine korrekte und

gründliche Arbeit wurde von den Kassenrevisoren Judith Risch und Marc Schumacher gelobt und bestätigt.

Nächster Punkt der Tagesordnung, war der Tätigkeitsbericht der Jugendsektion, welcher von Jugendleiter Laurent Muller vorgetragen wurde. Auch die Jugend absolvierte 2014 ein volles Programm, mit vielen Übungen und Teilnahmen an u.a. einer Rallye, einem Cross oder auch einem Wettschwimmen.

Beim nächsten Punkt ging Jos Muller noch einmal auf die vergangenen 78 Jahre der Feuerwehr Waldbredimus ein und erklärte, dass dies die letzte Generalversammlung in dieser Form sei. Der kulturelle Beitrag, sowie das Vereinsleben der ehemaligen Feuerwehr Waldbredimus werden jedoch durch die neu gegründete Amicale Pompjeeë Gemeng Waldbredimus a.s.b.l., kurz APGW a.s.b.l. weiter aufrechterhalten. Dieser Verein wird auch den neu gegründeten SIS-CCW finanziell unterstützen.

Unter Verschiedenes wurden zahlreiche Mitglieder geehrt. Bei der Jugendfeuerwehr erhielten die Jugendlichen ihr Abzeichen von der Landesvizejugendleiterin Eva Gessner. Yann und Max Cordewener erhielten das Bronze-Abzeichen. Pol Pishvaie, Thomas Mackenzie und Noah Kodar bekamen das Abzeichen in Silber. Zudem wurden Laurent Muller





für 5 Jahre Jugendleiter, David Weber für 10 Jahre Unterkommandant und Luc Cordewener für 33 Jahre Fähnrich und 25 Jahre Kassenwart geehrt. Zudem wurde Jos Muller zum Ehrenkommandanten der Feuerwehr Waldbredimus ernannt.

Der Korpschef der neu fusionierten Wehr SIS-CCW, Yves Schumacher, zeigte sich hocherfreut über, die Fusion zum SIS-CCW. Damit steht, seit dem 1. Januar 2015 eine gemeinsame und starke Wehr für die Sicherheit der Bürger der Gemeinden Contern und Waldbredimus bereit.



Frank Steichen, Vertreter des Regionalverbandes Osten, gratulierte der neu fusionierten Wehr und wünschte viel Erfolg.

Guy Lorent, Bürgermeister der Gemeinde Contern und Louis Oberhag, Bürgermeister der Gemeinde Waldbredimus zeigten sich ebenfalls sehr zufrieden und unterstrichen nochmals die Wichtigkeit eines solchen Gemeindedienstes. Sie boten ihre vollste Unterstützung an und sind sich ihrer Verantwortung, als Gemeindeverantwortliche, gegenüber der Feuerwehr bewusst. *Text und Foto Marc Schumacher*

Radiosmass

De Sonnden, 18 Januar ass d'Radiosmass aus der Kierch vun Trënteng iwwerdroen ginn. D'Mass gouf gesonge vun de Choralen vu Bëschbriedemes an Trënteng.



2015
18|01



Fotos © S. Hopp

Empfang Neubürger *Invitation des nouveaux citoyens*

D'Commission d'Intégration hat de Méindeg, den 19. Januar 2015 déi 76 nei Awunner aus der Gemeng agelueden. De Buergermeeschter Louis Oberhag huet jiddereen häerzlech wëllkomm geheescht. Hie war erfreet doriwwer, dass esou vill Leit an eis kleng, opbléiend Gemeng komm sinn. Bei dëser Geleeënheet konnten déi verschidde Veräiner sech an hir Aktivitéiten virstellen. Informatiounsmaterial haten d'Veräiner bereet geluecht. Den Interessi war ganz grouss. Beim Pättchen duerno si nach flott Gespréicher opkomm a Meenungen ausgetosch ginn, wat jo och Sënn an Zweck vun dësem Owend ass.

La Commission d'intégration de la commune de Waldbredimus avait invité les 76 nouveaux citoyens de notre commune le lundi 19 janvier 2015 au Centre Culturel à Waldbredimus. Le bourgmestre Louis Oberhag adressait les mots de bienvenue à tout le monde. Il était très enchanté que tant de gens viennent s'installer dans notre petite commune. A cette occasion, les différentes associations se sont présentées. Lors du pot de bienvenue il y avait beaucoup de discussions et la soirée s'est terminée harmonieusement.



Neijoerschfeier



Generalversammlung vun der Trëntenger Musek



E Sonnden, de 25. Januar 2015 huet d'Trëntenger Musek hir uerdentlech Generalversammlung am Centre Culturel zu Waldbriedemes ofgehalen.

De President Jean Thurmes huet a senger Usprooch de Musikanten, de Comitésmemberen, de Marscheuren Merci gesot. E grouse Merci fir déi finanziell a moralesch Ënnerstëtzung adresséiert hien un d'Gemeingevertreieder vu Bous a Waldbriedemes.

No enger Gedenkminutt u verstuerwe Memberen während dem leschte Joer, huet de Sekretär Marc Schumacher den Aktivitéitsbericht vun der Trëntenger Musek vum Joer 2014 virgedroen. Aus dem Rapport war erauszehéieren datt net manner wéi 9 Concerten gespillt an 10 Cortègen a Sortien musikalesch encadréiert goufen. Donieft stoungen och nach 10 grouss Manifestatiounen, wéi Fuesend baken, Kannerfuesbal a Kiischtefest. Weider waren nach 36 Museksprouwen an 2 Prouwestagen. Highlight vum Joer, war awer d'Rees op d'belsch Plage (Lombardsijde) vum 11. bis den 13. Juli.



De Jean Thurmes huet uschléissend den Aktivitéitsbericht vun den Trëntenger Kiischtentreppler virgedroen. De Georges Gaul ass mat 1404km am Joer 2014 déi meeschten Kilometer getréppelt.

De Keessjee Fernand Hoss huet de Bericht vun de Recetten an Dépensen ausféierlech virgedroen, a konnt dëst Joer e Benefice ervirhiewen.

Am Numm vun de Keesserevisoren, huet den Armand Becker dem Fernand villmools Merci gesot fir déi gutt a virbildlech Aarbecht déi hie mécht. Hien huet d'Generalversammlung gebieden dem Fernand d'Décharge ze ginn.

D'Martine Schumacher an den Armand Becker hunn sech nees bereet erkläert d'Charge als Keesserevisor fir e weidert Joer ze maachen, wat stëmmeg vun der Generalversammlung ugeholl gouf.

Nodeems sämtlech Rapporten vun der Generalversammlung eestëmmeg approvéeiert goufen, stoung d'Neiwiel vun engem Deel vum Comité op der Dagesuerdnung wou d' Lucie Raach an d'Marina Wolter, austriedend a nees nei wielbar waren. Déi zwou Kandidatinnen haten hier Kandidatur nees fristgerecht gestallt, a si vun der Generalversammlung eestëmmeg erëm an de Comité ugeholl ginn. D'Jessica Lauer hat seng Demissioun als Comitésmember eragereecht, och dës ass vun der Generalversammlung eestëmmeg ugeholl ginn. De Jean Thurmes huet dem Jessica villmools Merci fir seng Aarbecht am Comité gesot.

De Comité fir d'Joer 2015 setzt sech zesummen:

President:	Jean Thurmes
Vizepresidentin :	Lucie Raach
Sekretär:	Marc Schumacher
Keessjee:	Fernand Hoss
Memberen:	Mariette Hemmen, Jouko Menger, Deike Wolter, Marina Wolter

E gefëllte Programm fir d'Joer 2015 gouf vum Sekretär Marc Schumacher virgestallt. Grouss Manifestatiounen fir d'Joer 2015 sinn de 7. Februar Fueskichelcher baken, den 28. Februar an 1. Mäerz Fuesrevue, de 7. Juni

Galaconcert, de 5. Juli Kiischtefest, den 13. Dezember Chrëschtconcert an nach weider vill Manifestatiounen.

Duerno huet de President d'Wuert viru ginn un d'Buergermeeschteren vun der Gemeng Bous a Waldbriedemes.

De Jos Johans sot der Trëntenger Musek villmools Merci fir hiren Asaz. Hien huet déi gutt Zesummenaarbecht tëschent der Musek an der Gemeng Bous betount, an huet gesot, dass d'Musek ëmmer op d'Ënnerstëtzung vun der Gemeng Bous kann zielen.

De Louis Oberhag, Buergermeeschter vun der Gemeng Waldbriedemes, seet der Musek och villmools Merci fir déi vill Aarbecht, déi si an der Gemeng leescht. Et ass gutt datt d'Musek esou vill jonk Musikanten huet an datt esou d'Zukunft fir d'Trëntenger Musek geséichert ass. Betount huet hien och déi gutt Kommunikatioun vum Comité mat der Gemeng.

Duerno huet de President als Schlusswuert allen nach eng Kéier e grouse Merci gesot an huet d'Versammlung opgeléist an op den Aperitif mat uschléissendem Mëttegiessen op Trënteng an d'Auberge de Trintange invitéiert.

2015
31|01

Mir gi liichten





Fotos © S. Hopp



Foto © S. Hopp

Merci Malou




De Kiercherot vun Trënteng seet der Madame Malou Binz opriichteg Merci fir déi vill Aarbecht déi si an deene vergaangene Joeren fir d'Kierch, de Kiercherot an den Här Paschtouer geleescht huet!



Fuesrevue 2015

Döst Joer hunn d'Trëntenger Bühn an d'Trëntenger Musek Samschdes, den 28. Februar a Sonndes, den 1. März 2015 op hir traditionell Fuesrevue invitéiert. Et ware vill lëschteg Sketcher, Playbacken a Bidderieden um Programm. Och döst Joer huet de Fuesorchester „Los Ultimos“ ënnert der Leedung vum Yannick Genot fir gutt Stëmmung am volle Sall gesuergt.







Kannerfuesbal

E Samschden, den 28. Februar hat d'Trëntenger Musek hiren traditionellen Kannerfuesbal zu Waldbriedemes am Centre Culturel organiséiert. Och dëst Joer konnten déi kleng Fuesboken zesumme mat hiren Elteren bei flotte Spiller, Musek an Ambiance e puer flotter Stonnen verbréngen.

Generalversammlung vum CEP Waldbriedemus



Fir den 8. Mäerz hat de CEP seng Generalversammlung ageruff. D' Präsidentin Françoise Reuter huet d'Versammlung härezechst begrüsst a gläichzäiteg all deene merci gesot, déi de Veräin dat ganz Joer ënnerstëtzt hunn. Si huet betount, datt de Veräin säit 2014 mam EL (Etrier Luxembourgeois) zesummeschafft an zum Schluss vun dësem Joer eng Fusioun erwaart gëtt.

D'Sekretärin, Jessica Clees, huet de Réckbléck vun den Aktivitéiten gemaach:

2 Dressurturnéier, 2 Sprangturnéier an dovunner war den Highlight dat groust Summersprangturnéier vum 31. Juli bis den 3. August 2014, dat iwwer 4 Deeg gedauert huet, fir di vill Umeldungen kënnen unzehuelen. D'Haauptsprangen S* (1,30m) ass op S** (1,35m) erhéicht ginn. Ëmmer méi Reider aus Däitschland, der Belsch a Frankräich fannen de Wee op Waldbriedemes.

Den 1. Mee ass gegrillt an en Ausrëtt gemaach ginn. Verschidde Léiergäng fir Dressur a Sprangen sinn organiséiert ginn.

D'Mitgliederzuel ass konstant bliwwen.

D'Jackie Hansen & Jang Molitor waren zoustänneg fir de Keessebericht. 2014 ass e Gewënn vun 18000€ gemaach ginn: do muss een awer berücksichtigen, dat 2014 keng gréisser Uschafungen gemaach goufen a bedéngt duerch d'Zesummenaarbecht mam EL sinn Turnéierkeschten vill méi niddreg gewiescht (de Grill ass selwer gemaach ginn an d' Käschten fir d'Ambulanz +/- 5600€ sinn eweg gefall, well de Veräin en Dokter op der Plaz huet).

D'Keesserevisoren Alex Schuh a Robert Frank hunn eng gutt Keesseféierung bestätegt a si wëllen dat och nach weider maachen.

De Präis vun de Memberskaarten bleift deeselwechten (Senior 20€, Junior 15€, Éiremitglieder >5€)

Programm 2015

Dressurturnéier: 06.04.2015 Hal & 24-26.07.2015 dobaussen
Sprangturnéier: 11-12.04.2015 Hal & 30.07-02.08.2015 dobaussen

D'Fusioun mam EL ass fir Enn dëst Joer geplangt. De Sëtz vum neie Veräin bleift weiderhin an der Reitanlag Mangen zu Waldbriedemes.

De CEP feiert am Oktober säin 20jähregt Bestehen.

Nom Éirewäin gouf et nach e gemittlechen Owend mat lessen am Scaramouche.





Assemblée générale du CEP (Club équestre Pegasus) Waldbredimus

Le CEP a invité à son assemblée générale pour le 8 mars. La présidente Françoise Reuter a souhaité la bienvenue à tous les membres sans oublier de remercier tous les sponsors pour leur soutien dans l'organisation des tournois et tous les membres pour leur engagement dévoué. Elle a précisé que depuis 2014 le club travaille en coopération avec l'Étrier Luxembourgeois et que pour la fin de l'année une fusion est envisagée.

La secrétaire, Jessica Clees, a fait la rétrospective des activités du club, qui a organisé 2 tournois de dressage, 2 tournois de sauts d'obstacles en mettant l'accent sur le

grand tournois d'été du 31 juillet au 3 août 2014 qui fut prolongé sur 4 journées en raison des nominations nombreuses et l'épreuve-phare S (1,30m) fut élevée à S**. Toujours plus nombreux sont les cavaliers étrangers qui fréquentent le tournois d'été à Waldbredimus.*

Le premier mai le club a offert des grillades et une balade à cheval.

Jackie Hansen & Jang Molitor se sont chargés du rapport de caisse. En 2014 le club a réalisé un bénéfice de 18000€, en raison du fait, que le club n'a pas fait d'acquisitions de matériel et grâce à la coopération avec l'Etrier (les grillades sont faites par le club et les dépenses d'ambulance sont inexistantes grâce à un médecin sur place).

Les reviseurs de caisse, Schuh Alex et Frank Robert ont confirmé une bonne gérance et sont prêts à s'engager dans l'avenir.

Le prix des cartes membres reste invariable (senior 20€, Junior 15€, membres d'honneur >5€)

Programme 2015

*Dressage: 06.04.2015 manège & 24-26.07.2015 carrière
Sauts: 11-12.04.2015 manège & 30.07-02.08.2015 carrière*

La fusion avec l'Etrier est prévue pour la fin de l'année. Le siège du nouveau club restera à Waldbredimus dans le manège Mangel. Le CEP fêtera son 20^e anniversaire au



Elternvereinigung «Geschenk Schule»

Frëndeskrees Kamerun, asbl

Eise Grupp ass schonns zënter méi wéi 17 Joer fir de Kamerun aktiv. Verschidde Memberen waren och schonns selwer am Kamerun op der Plaz, 2 lescht Delegatiounen am November 2014 an am Abrëll 2015.

Vill Joer hu mer äis elo schonns zesumme mat Bridderlech Deelen fir Projeten am Kamerun agesat.

Wéi hu mir äis am leschte Joer 2014 getraff a geplant:

Niewent 8 Réunioune konnte mir och een Kéisowend plangen, ee Grillfest, an eng besonnesch Geeschteruucht zu Schëtter um Haff „a Schmatten“.

Récapitulatif des engagements du Frëndeskrees

Dans le cadre de l'Accord avec le Ministère des Affaires Etrangères, Direction à la Coopération, 38.098,82€ ont été virés 2014 à Sœur Brigit dans le cadre du projet « Centre d'Accueil de l'Espoir d'Efoulam », accueillant 50 orphelins internes et 60 orphelins pris en charge externe, dont le ministère s'est acquitté de 80% et le Frëndeskrees de 20%, le cas échéant 7.619,76€. Pour 2015, notre part annuelle s'élève à 9.279,57€.

CEPASE : en 2013 le Frëndeskrees a commencé à soutenir un nouveau volet du projet de Sœur Brigit, à savoir le CEPASE, « Centre de Promotion des activités socioéconomiques » de Nkoabang. Dans ce cadre (projet soutenu uniquement par le Frëndeskrees et

géré par Bridderlech Deelen), 54.286,83.- € en 2013 et 4.000.-€ en 2014 ont été virés pour le projet.

Le budget provisoire pour 2015 s'élève à environ 22.000.-€.



de Komitee vun der asbl „Frëndeskrees Kamerun“:

Kraus Léon, Arendt-Brosius Marie-Paule, Brosius Raymond, Ludovicy-Thorn Myriam an André, Ndeutchi Ghislaine, Roesgen Monique, Scholer Annette.

MERCI fir all Mathëllef !

Compte bancaire du Frëndeskrees Kamerun:
CCPLU92 1111 2995 2788 0000

Mir hoffen weider op är Ennerstëtzung a leeën iech un d'Häerz:

PARRAINAGE : Pour 40 € par mois, le Centre d'Accueil de l'Espoir à Yaoundé aura les moyens pour subvenir à tous les besoins d'un des 50 enfants orphelins (nourriture, éducation, soins médicaux ...) ou d'un enfant d'accueil.

Grâce à votre don, cette institution pourra continuer sa mission pour les enfants admis, mais pourra aussi l'étendre à d'autres orphelins supplémentaires.

Si vous acceptez ce parrainage, vous aurez simplement à effectuer un ordre permanent avec la mention : parrainage centre d'Accueil de l'Espoir.

Compte :

BRIDDERLECH DEELEN IBAN LU 74 1111 1261 0097 0000

(Les dons sur le compte de Bridderlech Deelen sont fiscalement déductibles.)

Alles Schwindel



Den Emile Masel huet probéiert, mat e puer gelungenen Tricker seng Heiratsvermittlungsgence Alliance iwwer Waasser ze halen. Wat dobäi alles ka schief goen an zu wéi enge lëschtege Verwiësslungen et do komme kann hunn iech d'Theaterowender vum Cercle Culturel et d'Initiative vun der Gemeng Waldbriedemes verrodnen.

Gespillt gouf „Alles Schwindel“, e Komédistéck an 3 Akten vum Robert Clees, den 27., 28. an 29. März 2015 am Veräinsbau Jos RENNEL zu Waldbriedemes.

Eng wonnerbar Ambiance, duerch déi vill Leit déi während deenen dräi Owender kucke komm sinn, huet zum vollen Erfolleg vun där Manifestatioun bäigedroen.

Prouwestage zu Tholey (D)

De Weekend vum 27. bis den 29. März huet d'Trëntenger Musek e Prouwestage, als Virbereedung op hire Galaconcert, zu Tholey an der Jugendherberg ofgehalen.

De Stage huet Freides owes mat enger Tuttisprouf ugefaangen. Samschdes moies stounge Regësterprouwen um Programm. No engem gudde Mëttegiessen ass et du mat enger Tuttisprouf weidergaang. Am spéiden Nomëtten si mir all zesummen an d'Schwämm gaangen, wou mir e puer flotter Stonnen am Waasser an op den Rutsche verbruecht hunn. Hei ware verschidde Musikanten net méi ze bremsen. Owes hu mir eis bei engem flotte Gesellschaftsspill gutt ameséiert.

Sonndes moies ass nach e bëssen geprouft ginn, éiert et op den Heemwee gaangen ass. D'Dirigentin an

d'Musikanten konnten de Weekend mat villem Geproufs an Amusement positiv ofschléissen.





Relais pour la vie 2015

D'Commission d'Intégration huet den 28. an 29. Mäerz 2015 mat enger Equipe um Relais pour la vie deelgehol! Dat waren:

Kanner: Noah Kodar, Yann Cordewener, Max Cordewener, Sarah Nilles

Dammen: Marcelle Mangen, Mandy Kodar, Natacha Kent, Marina Wolter, Silvia Bento, Paula Cunha, Milly Thurmes, Malou Weber, Delphine Kirsch, Mariette Lippert, Maggy Lommel, Iva Wittmann, Agnes Heynes, M. Kodar, J. Kodar, Justine Fisch, Brigitte Fournel, Helmy Mathias, Sandra Nilles



Hären: Till Kodar, Kevin Lippert, Robin Dos Santos, John Kent, Henri Huppertz, Thomas Wolter, Luc Cordewener, François Proença, Alain Colletin, Berto Reijnders, Stefan Heynes, Claude Nilles, Louis Oberhag, Jérôme Van Welden

Et waren 358 Equipe gemellt mat 10.253 Leit, déi solidaresch sinn mat de Kriibskranken. E ganz groussen Merci un déi Leit, déi aus verschiddene Grënn net konnten dobäi sinn, an eng Persoun fonnt hunn, fir



La Commission d'intégration a participé avec 40 personnes au Relais pour la vie le week-end du 28 au 29 mars 2015. Je remercie tout le monde pour sa participation. Un grand merci à tous ceux, qui pour une raison ou une autre, ne pouvaient pas participer et qui ont trouvé des remplaçants. A 2 nous avons participé au défilé d'ouverture. Un grand merci au bourgmestre Louis Oberhag pour sa présence lors du défilé de clôture dimanche soir. Après ce week end très fatigant, j'espère vous revoir encore plus nombreux l'année prochaine pour la bonne cause.

Mariette Colletin - Lippert
présidente de la Commission d'intégration



si z'ersetzen. Zu 2 Leit ware mir och beim Défilé d'Ouverture dobäi. Merci dem Buergermeeschter Louis Oberhag, dass hien Sonndes Owes beim Défilé Final dobäi war. Et war e ganz flotte Week-end an ech hoffen dass mir eis d'nächst Joer nach méi zahlreich erëm gesinn



Generalversammlung vun de Senioren aus dem Kiischtendall



D'Generalversammlung fir d'Joer 2014 ass Donneschdes de 19. Mäerz 2015 am Veräinsbau Jos. Rennel zu Waldbriedemes ofgehal ginn.



Et war eng gutt besichte Versammlung, D'Presidentin Astrid Federspiel konnt eng 30 aktiv Membere begrüessen, ënnert hinnen de Buergermeeschter Louis Oberhag an de Schäffen Martin Bohler. Verhënnert waren niewent dem Schäffen Thomas Wolter och nach d'Memberen vum Gemengerot Fabio Secci, Jean-Claude Ruppert, Gaston Knepper a Mariette Colletin -Lippert.



Den Iwwerbléck vun den Aktivitéiten 2014 gouf vum Sekretär Martin Bohler gemaach a vun der Versammlung ugeholl.



De Keessebericht ass am Detail ënnert d'Lupp geholl ginn an am Numm vun de Keesserevisoren huet de Georges Birkel eng ausgezeechent Keesseféierung bestätegt an d'Entlaaschtung vun der Generalversammlung gefrot. Als zousätzleche Keesserevisor ass d'Annette Bohler-Mousel genannt ginn.

Keesserevisoren sin elo: Georges Birkel, Norbert Moes an Annette Bohler-Mousel.

Déi zwee austriedend Komiteesmemberen Norbert Freymann a Martin Bohler si fir e weidert Mandat vun der Generalversammlung bestätegt ginn.



Op Propose vum Komitee bleift de Präis vun de Memberskaarten an Éirememberskaarten bei 10 Euro.

Fir de Programm 2015 ginn verschidde Propositione vun de Memberen an enger nächster Sëtzung vum Komitee analyséiert an da konkret ausgeschafft.

De Buergermeeschter Louis Oberhag huet am Numm vun der Gemeng Merci gesot fir d'Aarbecht, déi de Veräin am Laf vum Joer geleescht huet, an och weiderhin déi voll Ënnerstëtzung vun der Gemeng zougesot.

Bei Ham, Fritten, Zalot an engem Stéck Taart ass den Dag bei gudder Laun an der „Auberge de Trintange“ ausgelaf.





Konferenz « Mobbing, Sträit a Gewalt »

D'Maison Relais huet an Zesummenaarbecht mat der Eltereschoul eng Konferenz fir d'Elteren organiséiert. Geschwat gouf iwwer Gewalt, Sträit a Mobbing. D'Madame vun der Eltereschoul huet eis erklärt wéini Mobbing ufänkt an wéi ee kann als Elteren senge Kanner hëllefen. Wéi kënne mir mat der Problematik ëmgoen?

Herno ass nach zesummen diskutéiert ginn. Et war e flotten an interessanten Owend.



Ouschter-Bakconcours

An Zesummenaarbecht mat der Kach-firma «Aeresto», huet d'Maison Relais e Bakconcours fir d'Kanner aus der Maison Relais organiséiert. D'Kand sollt mat Hëllef vu Mamm/Papp an 1½ Stonn en Ouschterdessert preparéieren. Mir haten och eng Jury organiséiert, déi Desserten bewäert hunn no Presentatioun, Goût, Iddi asw.

Et war e flotten Owend, d'Kanner hu sech gutt dru ginn fir lecker Desserten ze zauberen.

Op dëser Plaz hei nach eng Kéier, Gratulatioun fir eis Gewënner :

1. Plaz : Benjamin Bodker

(En lessen mat senger Famill op der Marie-Astrid)

2. Plaz : Lilly De Cillia

(Ticketen fir an den Zoo op Amnéville)

3. Plaz : Nora Barthel

(Ticketen fir an de Parc Merveilleux)

4.-7. Plaz : Anouk Heynes, Billy Troes, Lukas

Oliveira, Massimo an Matteo Pierini





Grouss Botz an der Gemeng

Nei Aktivitéit vun der Maison Relais : « Airtramp »



D'Mme Pascale Polfer huet un der Formatioun Airtramp, déi iwwer dräi Deeg stattfënnt, deelgeholl. Vu datt mir duerch hatt lo den Certificat am Haus hunn, kënne mir matt de Kanner och un dëser flotter Aktivitéit deelhuefen.

Wat ass eigentlech den Airtramp ?

Airtramp ass e risegrousst Loftkëssen wou ee kann uewendrop sprangen, Spiller maachen, mee awer och relaxéieren. Interessant bei dem Loftkëssen ass, datt een och erakrauchen an an dem opgeblosene Këssen spille kann.

D'Kanner si begeeschtert vun dëser neier Aktivitéit.

Fréijorsturnéier zu Wadbriedemes

De 6. Abrëll op Ouschterméindeg hat de Reitclub Pegasus mam EL (Etrier Lux.) zesummen hiert traditionellt Dressurturnéier. Ausgeschriwwen ware Prüfungen vun de Klassen E, A*, L*, e Wettbewerb Schrëtt/ Trab/Galopp an e Fühzügelwettbewerb. Bei schéinem Fréijorswieder hunn d' Reider e flotten Dag verbruecht.

De Weekend vum 11.an 12. Abrëll hu sech d'Sprangreider zu Waldbriedemes getraff. D'Aus-schreiwungen waren vun de Klassen E, A*, A**, L, bis M*mat Steechen. D'Hauptprüfung vum Sonndeg ass gewonne ginn vum Victor Bettendorf.



Lundi de Pâques, le CEP et l'Etrier Lux. ont organisé leur tournoi de dressage. Les épreuves allaient de la classe E à L et des épreuves spéciales pour débutants. Par un temps de Pâques très agréable les cavaliers ont passé une belle journée.

Le weekend du 11 et 12 avril les cavaliers se sont donné rendez-vous à Waldbredimus. Le programme offrait des épreuves des classes E, A, A**, L, M*avec barrage. L'épreuve-phare du dimanche M*avec barrage fut gagnée par Vicor Bettendorf.*

Foto © www.morheng.lu

Meekranz CCIW



Meekranz Trëntenger Musek



An dëser Nummer

Editorial	3	Mir gi lichten	16
Autorisations de construire	4	D'Trëntenger Musek huet Fueskniet gebak	17
Verantwortliche des SIS-CCW ernannt	5	Diplomiiwwerreechung UGDA	17
Vakanzaktivitéiten « Thema Galaxie »	6	Fuesrevue 2015	18
Kürbisfest	6	Kannerfuesbal	20
Synergie mat der Maison Relais Weiler	6	Generalversammlung vum CEP Waldbriedemes	21
Cuisine des Cultures zu Waldbriedemes	7	Elternvereinigung «Geschenk Schule»	23
Konzert in der Kirche von Waldbriedemes	8	Alles Schwindel	24
Nei Broschür vun de Pompjeeë Waldbriedemes	9	Prouwestage zu Tholey (D)	24
Rentnerfeier	10	Relais pour la vie 2015	25
Letzte Jahreshauptversammlung der Feuerwehr	11	Generalversammlung Senioren - Kiischtendall	26
Radiomass	12	Konferenz « Mobbing, Sträit a Gewalt »	27
Invitation des nouveaux citoyens	13	Ouschter-Bakconcours	28
Neijoerschfeier	14	Grossbotz an der Gemeng	29
Generalversammlung vun der Trëntenger Musek	15	Nei Aktivitéit vun der Maison Relais : « Airtramp »	29
		Fréijorsturnéier zu Waldbriedemes	30

Manifestatiounskalenner

01.- 08. August	Zeltlager Jugendpompjeeën zu Moutfort
18.-20. September	Exposition Fräizeitkënschtler (Waldbriedemes)
19. September 2015	Klettertour Dudelange (J&S-Kommissioun)
03. Oktober	IVV Marsch ze Bous (org. Kiischtetreppler)
03. Oktober	Feierläscheraktioun (8-12h, Centre Culturel Oetrange, org. SIS-CCW)
23/24/25. Oktober 2015	Waldbriedemes: Theaterowend mat der Trëntenger Bühn
25. Oktober 2015	Familielaf Croix Rouge (J&S-Kommissioun)
08. November	Kiermes zu Trënteng
15. November 2015	Éiter Kiermes (Kiermesessen) Org. Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes
22. November	Kiermes zu Waldbriedemes
22. November	Cecilienfeier (Bous)
27. November 2015	Kéisowend Org. Dëschtennis Éiter-Waldbriedemes
05. Dezember	De Kleeschen kënn op Waldbriedemes
	Lauftreff jeden Sonntag (Info Natacha Kent)
	Damenturnverein jeden Montag 20.00 (außer Schulferien)
18. Oktober 2015	Uergelconcert Waldbriedemes (eis Kierch, eis Uergel)
13. Dezember 2015	Chrëschtconcert Trënteng (Trëntenger Musek)



Foto © S. Hopp

Eis Fotografen

Liz Bohler	691 698 512
Steve Hopp	691 355 128
Vanessa Rees	621 260 882
Marc Schumacher	621 786 271
Pol Thiltges	621 192 861
Jouko Menger	

Informatiounskommissioun

Georges Birkel	23 67 64 19
Liz Bohler	691 698 512
Martin Bohler	691 250 300
Erika Uhrhausen-Cramer	23 66 14 65
Marcelle Mangen-Friederich	23 66 83 96
Gilbert Godart	23 66 03 46
Steve Hopp	691 355 128
Jos Jung	39 83 01
Jouko Menger	26 35 03 78
Fabio Secci	621 256 760
Pol Thiltges	621 192 861
Leslie Wilson	26 35 08 97
Thomas Wolter (Präsident)	621 240 689